association des professeurs de l'enseignement
secondaire et supérieur du grand-duché de luxembourg a.s.b.l.

Rapport Entrevue mam MENJE (Mme M. Bruck, M. R. Nehs, M. P. Reding) vum 16. Mee 2018

1) Suivi vun de Punkten vum Rapport vun der Reunioun vum 23. Januar 2018

a) Bicher/Material

Op eis Nofro hi krute mir folgend Informatiounen: *D'Supports de cours sinn am gaange gezielt ze ginn fir datt de SCRIPT budgetéiere kann. De SCRIPT (d'Madame Caroline Lentz) ass bereet, Supports de cours vun deene Professeren z'editéieren, déi averstane sinn, dass hier Coursen veröffentlecht ginn. Domat kéint wäertvoll Erfarung mat alle Kollegen gedeelt ginn. Dat ass dann och eng Méiglechkeet, dëse Support de cours de Schüler gratis zur Verfügung ze stellen. Et gëtt un engem Modell vun engem Kontrakt geschafft fir d'Auteuren ze valoriséieren. Dat misst och vun engem Comité iwwerpréift ginn. Kopéiert Coursen an engem Lycée, déi vun engem eenzege Professer gehale ginn a wou kee Buch um Programm ass ginn vum Ministère bezuelt. D'Kollegen mussen sech dofir beim SCRIPT mellen. D'Enseignante missten iwwert d'Thema Droits d'auteur informéiert ginn.*

Mir hunn op e Problem vum Iwwersetzen am PIF vun engem däitsche Buch op Franséisch, wat de Verlag net erlaabt, opmierksam gemaach. *De Ministère wäert dat iwwerpréiwen. iPads kënnen d'nächst Joer vun de Steieren ofgesat ginn a wäerten och am Steierformular virgesi sinn. Donieft kënnen d'Enseignante elo och en iPad leasen. En entspriechend Dokument vum CGIE (Centre de gestion informatique de l'éducation) kréie mir nach geschéckt. De Bilan vun den iPad-Klassen gëtt Enn nächst Joer gemaach.*

Et bleift nach d'Fro, op d'Enseignanten och kënnen aner Geräter (Laptop, Smartpad,...) ofsetzen, mat deenen si op de Klassen schaffen? Mir fannen, dass mir net däerfen un eng eenzeg Marque vu Geräter gebonne ginn.

b) Formation continue

Enn vun dësem Schouljoer gëtt de Bilan gemaach an déi Leit, déi méi wéi 48 Stonnen FC gemaach hunn, sollen laut der Instruction ministérielle vum 18.11.15 just 4 Stonne FC kënnen mat an déi nei Period 2018/19 bis 2020/21 huelen.

*Dëst gëtt nach virum Enn vum Schouljoer an der IM geännert. Et kann een dann **16 Stonnen** mat eriwwer an die nei Referenzperiod huelen. De Ministère huet och nach betount, dass Online-Formatiounen och kënnen zertifiéiert ginn.*

Mir gesinn do e gewësse Fortschrëtt, mee mir bleiwe bei eiser Fuerderung, dass all FC-Stonnen iwwert den 48 obligatoreschen Stonnen missten kënnen mat an déi nächst Period geholl ginn!

Op d'Fro hin „Kann een eng Formatioun maachen an engem Congé de maternité/parental?" krute mir als Äntwert, *dass et Problemer bei der Assurance gëtt déi nach ze kläre sinn. D'Referenzzäit gëtt op alle Fall am Congé parental ënnerbrach.*

D'Demande fir méi Stonnen FC ugerechent ze kréien wann een Enseignant selwer e Cours hält ass nach net beäntwert.

De Ministère proposéiert, dass déi Enseignanten och kéinten bezuelt ginn, domadder wär hier

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif André Berns
Marco Breyer
Patrick Beil
Gilles Everling

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426

Virbereedungszäit unerkannt.
Op eis Demande fir d'FC vu 16 Stonnen pro Joer ab dem Alter vu 50 oder 55 erof ze setzen krute mir nach keng definitiv Äntwert.
Dat géif nach gekläert ginn.

c) Postes à responsabilités particulières (PRP)
E laangjärege Member vun der APESS hat am Oktober 2015 en PRP unerkannt kritt an ass am November 2017 gewuer ginn, dass de Minister him an engem Arrêté vum 29. Juni 2017 de PRP retroaktiv fir dat ganzt Schouljoer 2016/17 erëm ewechgeholl huet. Hie krut deen entspriechende Surplus an der Pai vun 15 Méint integral vu senger Dezember- a Januarpai erëm ofgebucht.
De Fall ass no eiser Entrevue gekläert ginn. Leider sinn et vill där Fäll ginn. Mir sollen en Iwwerbléck iwwert d'PRP kréien an den Här Federspiel vum Service ressources humaines beim MENJE gëtt invitéiert op eng nächst Reunioun.
Op eis Interventioun hin ass elo och e Professeur candidat éligibel e PRP ze kréien. D'Critères fir e PRP ze kréien hu mir op eisem Site veröffentlecht.

d) Problemer mat der carrière vun de Professeurs candidats
Dem Kandidat seng Situatioun gëtt eréischt gekuckt wann den Delai fir den TC ofzeginn ofgelaf ass, d.h. 2025. De Ministère ass eiser Meenung, dass ëmmer en Ënnerscheed an de Kurven vun dem Verdéngscht vum Schoulmeeschter, Chargé, Kandidat a Professer misst sinn. Am Moment kënnen sech déi Kurven schneiden, an d'Paien vun där enger Kategorie sinn dann wärend enger gewësser Period iwwert där vun aneren Kategorien.
Mir wëllen hannert dësem grousse Problem bleiwen a fuerderen eng gerecht Paiestruktur fir all Enseignanten! Dem Kandidat seng Situatioun muss vill éischter gekläert ginn! Op eis Fro hin „Wat geschitt den 1.10.20 mat de Leit déi elo am E7 sinn? " krute mir nach keng Äntwert. Dat betrëfft och déi 30 Deeg FC obligatoire déi ab 2020 an der Carrière A1 musse gemaach ginn an déi vill vun eise jonke Kollegen kéinten an der Carrière aus bremsen. Dës Fro soll an der nächster Reunioun gekläert ginn.

e) Divers
D'Kontrakter mat de Chargés d'éducation fir d'nächst Schouljoer sollen éischter gemaach ginn, fir ze verhënneren, dass déi Leit an den éischten 4 Méint keng Pai kréien. De MENJE huet de Problem mam Service ressources humaines gekläert! Et läit oft dorunner, datt eng Pièce feelt.
Mir erënneren drun, dass all Ugestallten Avancen froe kann wann d'Pai nach net do ass. Dëst gëllt am Besonneschen fir eis jonk Kollegen, déi just ugefaangen hunn mat schaffen.

2) Decharge Regence
Mir hu festgestallt, dass et ganz ënnerschiddlech Dechargen fir d'Regence gëtt! Déi si net méi chiffréiert an de Reglementer. Dat kann dozou féieren, dass Kollegen fir déi selwecht Klass

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif André Berns
Marco Breyer
Patrick Beil
Gilles Everling

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426

verschidden Dechargen fir d'Regence kréien. Mir verlaangen an deem Dossier méi Gerechtegkeet. *D'Problemfäll sollen dem Ministère mat gedeelt ginn. D'Fro stellt sech op een dat abetonéiere soll?* Mir hunn drop opmierksam gemaach, datt fréier d'Dechargen fir d'Regence an engem Tableau fest geluecht waren.

3) Remuneratioun vun den Iwwerstonnen

Am Beamtestatut heescht et: "Le fonctionnaire ne peut être tenu d'accomplir des heures supplémentaires que dans les cas d'urgence ou de surcroît exceptionnel de travail."
Iwwerstonnen sollen also exzeptionell sinn, an dann och nach nëmmen maximal 1 Trimester laang ugewannt ginn (Instruction ministérielle vum 29.10.15).
Déi meescht Enseignanten hu Verständnes derfir, dass an engem Schoulbetrib Iwwerstonnen ufalen. An se hëllefe gär hirer Direktioun aus fir dat Lach ze stoppen. A villen Lycéeën hëlt d'Zuel vun den Iwwerstonne wärend engem ganzen Schouljoer awer zou, an d'Leit fänken un d'Flemm ze kréien, well et ka net sinn, dass déi Iwwerstonne systematesch méi schlecht bezuelt gi wéi déi regulär Stonnen.

- Laut dem „Règlement grand-ducal du 24 juillet 2007 portant fixation de la tâche des enseignants des lycées et lycées techniques" gëtt eng Iwwerstonn mat engem Coefficient réducteur vun 36/52 berechent. Dat sinn 16/52 (=30,77 %) manner wéi eng regulär Stonn! Déi Aarbecht déi iwwert den normale Pensum erausgeet, misst esouguer méi bezuelt ginn well et oft eng extrem Weiderbelaaschtung bedeit. Firwat gëtt eng Iwwerstonn déi iwwert d'ganzt Joer an der Tâche dran ass, nëmmen op 36/52 bezuelt?
- Iwwert eis Tâche réglementaire eraus kréien en plus all gehale Stonnen de Koeffizient 1. Firwat gëtt eng Iwwerstonn net mat dem normale Koeffizient bezuelt? Et ass genau dee selwechten Opwand.
- Fir déi Zäit déi en Enseignant selwer krank geschriwwen ass, kritt hien just seng Tâche réglementaire bezuelt. D'Iwwerstonne ginn do eraus gerechent. Firwat, wann den Enseignant jo awer d'ganzt Joer déi Iwwerstonnen hält?
- Am Privatsecteur gëtt oft fir eng Iwwerstonn 40% méi wéi fir eng regulär Schaffstonn bezuelt, am Kollektivvertrag fir Salariés de l'Etat sinn et 50%. Do bleift och nach no de Steieren eppes iwwereg, wat leider bei eis kaum de Fall ass.

Mir fuerderen dass d'Iwwerstonnen mussen 1 zu 1 bezuelt ginn!

Äntwert vum Ministère: De Problem ass berechtegt. De Problem soll an d'Hausaufgabebuch fir d'Koalitiounsverhandlungen vun de nächsten Regierungspartner gesat ginn. Reegelméisseg Iwwerstonnen musse besser bezuelt ginn. Dat gëtt doudsécher an de Volet vun de Gehälterverhandlungen geschriwwen. Et betrefft dausende Leit.

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif André Berns
Marco Breyer
Patrick Beil
Gilles Everling

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426

4) Reform vum Cycle inférieur am ESG

Enseignement op 2 Niveauen: Vill Kollegen maachen sech Suergen, wéi esou eppes an der Praxis funktionéiere soll. Si hu nach keng Erklärungen vun hiren Direktere kritt.

Äntwert vum Ministère: D'Lycéeën kréien keng Virgaben gemaach. Et kann een extern oder intern differenzéieren. Dat hänkt vun der Zuel vun de Schüler of. Et goufen Formatiounen fir Direkteren fir sech z'organiséieren. D'Unterrechtsmaterialien si ganz oft déi selwecht. De Programm ass deen vum Niveau théorique a polyvalent. Et gëtt vill Méiglechkeeten fir bei der Evaluatioun ze differenzéieren. Bei der Pédagogie ass et net onbedéngt e Risenënnerscheed.

Mir fannen dass d'Problemer esou op d'Lycéeën iwwerdroe ginn an d'Direkteren an d'Enseignanten musse kucken datt si eens ginn. Do bleift nach villes ze klären!

Problem vun der Nott 26 bis 29 déi vum Conseil de classe ka gehuewe ginn: Bis elo konnt de Professer ëmmer nach 4 Punkte bäi ginn a seng Nott konnt net vun engem Conseil de classe verännert ginn. D'Leit riskéieren méi onsécher ze ginn wann si Notten verginn.

Äntwert vum Ministère: De Conseil de classe kritt méi Pouvoir, an et ka Fall fir Fall decidéiert ginn. Wat den Taux vun de Redoublanten ugeet ass Lëtzebuerg Weltmeeschter. Dat soll sech änneren. 25% vun de Schüler déi aus dem Fondamental kommen hu schonns eng Kéier redoubléiert! Bis elo huet de System vläicht méi gerecht erschéngt mä de Schüler ass duerch eng punktuell Schwächt opgehale ginn. All Method huet seng Vir- a Nodeeler. Et geet hei drëm de Schüler méi ze responsabiliséieren an am Dialog mat him senge Stäerkten a Schwächten méi gerecht ze ginn.

Mir verlaangen op alle Fall en éierleche Bilan vun deene Mesuren um Enn vum nächste Schouljoer. Wann e wierklech schwaache Schüler am Fondamental redoubléiert huet, ass dat dann eng Ursaach, dass hien am Lycée net méi redoubléieren soll?

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif André Berns
Marco Breyer
Patrick Beil
Gilles Everling

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426